

ALA-ZEITUNG

01 | 2022



Editorial

- Här Denis Mancini

ala aktuell

- „Aus EISER Siicht ...“ Eng Rubrik vu Mënsche mat enger Demenz
- Vergrößerungsarbeiten am Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“
- Neues vom therapeutischen Dienst der ala
- D'Missiounsbeoptraagt vun den ambulante Servicer stellt sech vir
- Was macht eigentlich das Ethikkomitee?
- D'Fuesboke si lass!
- Nei Dermatologin zu Ierpeldeng
- E grouse Merci Cactus Charity
- D'ala seet Merci ...
- Spenden/Dons ala
- Mitglied werden/Devenir membre

Zum Thema Demenz

- Info-Zenter Demenz
- Alzheimer Europe

- Spenden/Dons Fondation Alzheimer
- Merci

Agenda

- Cours fir betraffe Familljen
- Trauerronn
- Familljekrees
- Helpline
- Unterstützte Selbsthilfegruppe
- ala plus, unser häuslicher Hilfs- und Pflegedienst
- D'ala recrutiert

- Dienstleistungen der ala
- Strukturen der ala

Impressum

Oplag 1.750 Ex. 4 Mol d'Joer
Editeur Association Luxembourg Alzheimer ASBL
Redaktioun Association Luxembourg Alzheimer
T. 26 007 - 1
F. 26 007 - 205

Mat frëndlecher Ënnerstëtzung vum



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'intégration
et à la Grande Région



EDITORIAL

Här Denis Mancini
Member vum Directoire vun der ala

De gréissten Deel vu Mënschen, déi vun enger Demenz betraff sinn, ginn – zumindest am Ufank vun hirer Erkrankung – doheem vun noe Familljemembere betreit. Zanter der Grënnung vun der ala, war et ëmmer e wichtegt Zil nieft de Mënschen, déi vun der Demenz betraff sinn, och déi fleegend Familljemembere an hirer schwiereger Tâche ze ënnerstëtzen. Dofir huet d'ala nieft senge 6 Foyers de jour, wou Mënsche mat Demenz daagsiwwer kënnen betreit ginn an esou eng Entlaaschtung fir d'Familljemembere bedeit, och eng ganz Rei weider Angeboter wéi zum Beispill de „Familljekrees“ oder de „Cours fir betraffe Familljen“ an d'Liewe geruff.

Säit 2017 huet d'ala och en eegenen Hëllef- a Fleegeéngscht doheem, den ala plus, fir Mënsche mat Demenz an hirem sozialen Ëmfeld während dem gesamte Krankheitsverlaf eng ugepasst Begleitung a Betreuung kënnen unzebidden. Genoe wéi an eisen Dagesstrukturen an an eise Wunn- a Fleegeheem zu Ierpeldeng un der Sauer, begleede mir hei nëmme Mënschen, déi vun enger Demenz betraff sinn.

Bei der Begleitung vu Mënsche mat Demenz spillt nieft gutt forméierte Mataarbechter, de Facteur Zäit eng wichteg Roll an der Qualitéit vun der Begleitung a Fleege. Besonnesch doheem, wou d'Persoun nach a sengen eegene Wänn engem ganz individuellen Dagesoflaf

nogeet. Wann de Fleegeer moies an d'Haus vun der betraffener Persoun kënnt, muss e sech emol Zäit huelen, erauszefannen, wéi et der Persoun geet. De Mataarbechter vun ala plus muss sech op den emotionalen Zoustand an de Rhythmus vun der Persoun astellen, de Mënsch mat Demenz a senger Welt ofhuelen. Dobäi ass hien op sech selwer gestallt, kann net ewéi an enger Struktur op en anere Member aus der Ekippe zeréckgräifen, respektiv wann e grad keen Zougang fënnt, an enger hallwer Stonn nach emol probéieren. Dowéinst ass et ganz wichteg vun Ufank u genuch Zäit anzeplangen, fir kënnen op d'Persoun anzegoen an dann an engem zweete Schrëtt Fleegeakten duerchzeféieren. Zäit, déi an de Fleegeakte vun enger Fleegeversécherung net virgesinn ass, well do just den Akt selwer, wéi zum Beispill d'Hëllefstellung beim Undoe remuneréiert gëtt. Zäit fir den Zougang zum Mënsch mat Demenz ze kréien, sech a seng emotional Welt anzeloossen ass net virgesinn.

Dofir setzt d'ala sech säit Joren dofir an, dass fir d'Mënsche mat Demenz en zousätzlechen „Demenzakt“ kreéiert gëtt, deem déi Zäit berécksichtegt fir Zougang zum Mënsch mat Demenz ze fannen an him esou eng méi qualitativ héichwäerteg Begleitung a Fleege kënnen unzebidden.

ALA AKTUELL

„Aus EISER Siicht ...“

Eng Rubrik vu Mënsche mat enger Demenz



„Ech sinn esou frou mat den Déieren“

D'Madame Victorine Bauler-Winter erzielt während enger Aktivitéit mam Holly, engem vun den dräi Assistenzhënn aus dem Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“, vun hirem Hond Rolli.

Ech sinn esou frou mat den Déieren! Mir haten och 2 Muppen doheim. Dat war genuch mat eis. Eisen Hond, de Rolli, war gro mat wäiss an dee war esou grouss an esou wollzeg wéi deen hei.

Deen aneren hat esou en auslänneschen Numm, ech weess dee guer net méi. Dee war ganz am Brong-Schwaarzen.

De Rolli huet iwwerall gehollef. Bei d'Theis Josette Gromperen ausdroen, huet hie gehollef. Deem säin Haus war laanscht eise Gaart. Dat hat eng schéi grouss Paart fir an den Haff eran. An am Haus hate si ee Stack an hunn nach e Stack dropgebaut.

De Rolli war ganz fräi. De ganzen Dag ass hien dorëmmer gelaf, esouwéi hie wollt. Hien ass bei den Noper gelaf, do huet hien da Kamelle kritt. Hien ass an d'Wiertsstuff komm, do huet hie sech bei d'Leit geluecht. Och op d'Keelebunn huet hie sech geluecht, datt hien iwwerall gelueft ginn ass.

De Rolli war ëmmer brav, en ass ëmmer beim Haus bliwwen an ni fortgelaf. Hien huet an der Kiche geschlof oder an der Wiertsstuff, deemno wéi hien Iddi hat.

An der Wiertsstuff hate mir dacks vill Leit um Dësch. Do hu mir ëmmer gedantz. Den Hond ass och dobäi leie bliwwen, hien huet sech do näischt bidde gelooss.



maison de séjour et de soins
beim goldknapp

Vergrößerungsarbeiten am Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“

D'Vergrößerungsarbeiten am Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng un der Sauer lafen op Héichtouren. Um Rez-de-chaussée erkennt ee scho ganz kloer d'Struktur an d'Opdeeling vun den zukünftege Wunnberäicher. Mat e bësse Fantasie kann ee sech virstellen, wéi d'Extension spéider ausgesäit. Am Ganze ginn an där neier Struktur 36 zousätzlech Plaze geschaaft, fir Persounen mat enger Demenz. Déi 36 Bewunner ginn an 3 Wunnunitéite vu jee-weils 12 Plaze betreit, an dat verdeelt op 3 Stäck. D'Direktioun vun Ierpeldeng hat och Geprolux a Vertrieder vum Familljeministère op eng Visitt vum Chantier vum Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“ invitéiert.



Neues vom therapeutischen Dienst der ala: der Nordic Relax Chair im Wohn- und Pflegeheim „Beim Goldknapp“

Die ala ist seit 2021 stolzer Besitzer des ersten „Nordic Relax Chairs“ in Luxemburg. Dabei handelt es sich um einen therapeutischen Schaukelstuhl, der für Menschen mit Demenz einen entspannenden bzw. stimulierenden Effekt erzielt.

Der Nordic Relax Chair funktioniert elektrisch und stellt verschiedene Bewegungsprogramme zur Verfügung, die sowohl anregend als auch beruhigend auf die Person wirken.

Der Einsatz des therapeutischen Schaukelstuhls wird im Entspannungsraum der Einrichtung oder im Zimmer des Bewohners angeboten – der Stuhl hat Rollen und kann somit ganz leicht transportiert werden. Im Sommer kam er auch schon auf dem Balkon zum Einsatz.

Die Person im Nordic Relax Chair kann eine Gewichtsdecke und ein Lagerungskissen nutzen, um sicher und komfortabel im Stuhl zu sitzen. Aus Lautsprechern im Rückenteil erklingt eine angenehme Instrumentalmelodie, während der Stuhl sanft schaukelt. Der Bewohner wird während der Intervention durchgehend von einem Mitarbeiter begleitet und unterstützt. Eine Anwendung dauert mit Vor- und Nachbereitung ca. 60 Minuten.

Die Reaktionen der Bewohner sind ausgesprochen positiv – der Stuhl vermittelt Entspannung, Wohlbefinden und Geborgenheit sowie Körpergefühl und Bewegungsempfinden. Diese Erlebnisse sind für Menschen mit Demenz sehr wertvoll und harmonisierend.

Der Nordic Relax Chair wird von den Mitarbeitern des therapeutischen Dienstes, Krankpflegern und Erziehern im Rahmen der gezielten Fördermaßnahmen eingesetzt.

Bei Fragen zum Nordic Relax Chair steht Ihnen der therapeutische Dienst gerne zur Verfügung.

therapeutique@alzheimer.lu



maison de séjour et de soins
beim goldknapp

D'Missiounsbeoptraagt vun den ambulante Servicer stellt sich vir

De Poste vun der Missiounsbeoptraagten an den ambulante Strukture vun der ala ass nach ganz jonk. E gouf 2021 kreéiert an den 1. Oktober 2021 hunn ech dës Fonctioun iwwerholl. Virdrun hunn ech 10 Joer laang als Responsabel an engem Fleegeheem geschafft, wou ech mech exklusiv ëm Mënsche mat Demenz gekëmmert hunn. Dono war ech 3 Joer laang Responsabel vun 2 Foyere vun der ala: dem Foyer „Villa Reebou“ zu Diddeleng an dem Foyer „Minettsheem“ zu Rëmeleng.



Chantal Lenertz

De Poste vun der Missiounsbeoptraagte gouf mam Zil gegrënnt, déi aktuell Aarbechtsprozesser an den ambulante Strukturen ze begleeten, ze entwéckelen an ze evaluéieren, an enger Zesummenaarbecht mam Direkter fir déi ambulante Servicer an de Mataarbechter um Terrain.

Mäi Fokus läit virun allem drop d'Wuelbefannen an d'Liewensqualitéit vun de Mënsche mat Demenz ze fërderen, ewéi och d'Aarbechtsqualitéit vun de Mataarbechter ze verbesseren.

Och kann een ënnert dem Poste vun der Missiounsbeoptraagten eng „Aart“ Projektmanager gesinn. D'Missiounne kënnen Projeten, Prozeduren, Standarden an/oder verschidden Aufgaben sinn, wou ech fir d'Ëmsetzung wuertwäertlech „um Terrain“ verantwortlech sinn.

Firwat eng „Aart“ Projektmanager?

Prinzipiell ass dës fir d'Organisatioun an d'Koordinatioun vu Projete verantwortlech a seng Aarbecht kënnt op en Enn, wann d'Ziler vum Projet ëmgesat an erreecht goufen. Net sou bei der ala ...

Ewéi an engem Zyklus am Hëllef op déi vill Verännerungen am Aarbechtsalltag an der hauterger Zäit an dem stetege Wuesstem vun der ala, sinn ech en direkten Uspriechspartner souwuel fir d'Mataarbechter um Terrain wéi och fir d'Administratioun, an dës an enger neutraler Positioun ouni hierarchesch Funktioun an iwwer d'Zäit vum Projet eraus.

A mäin Aufgabebereich fält och, d'Mataarbechter bei hiren alldeeglechen Aufgaben am Aarbechtsalltag ze ënnerstëtzen an hinnen e Support ze bidden, wou dës gebraucht gëtt. Dozou zielt och de gemeinsamen Austausch iwwer Problemer direkt an der Struktur selwer, an enger Versammlung oder an Aarbechtsgruppen an deenen dann iwwer méiglech Léisunge berodde gëtt.

Last but not least schaffen ech an enger Zesummenaarbecht mam Qualitéitsdéngscht fir iwwergräifend zur allgemenger Qualitéitsverbesserung bäizetroen am Respekt vun der Philosophie an de Wäerter vun der ala wéi och den Ufuerderungen aus dem Sozialsektor (z. B. Assurance Dépendance).



Was macht eigentlich das Ethikkomitee?

Nein, wir verweilen nicht im Winterschlaf oder bleiben in Quarantäne.

Das Ethikkomitee ist ganz schön aktiv.

Das Ethikkomitee trifft sich weiterhin alle 2 Monate, pandemiebedingt auch über Zoom. Wir bearbeiten gemeinsam die ethischen Fragen, die an uns herangetragen werden, wir analysieren vielschichtig die diversen Themen, diskutieren und arbeiten mögliche Pisten aus. Diese Überlegungen und Vorschläge werden dann an die Antragsteller weitergeleitet. Somit können sich Mitarbeiter, Kollegen, Familienangehörige und Freunde an diesen Einschätzungen orientieren, um ethische Fragen zu verstehen und ggf. für sich zu lösen. Dies klingt kompliziert, ist aber sehr einfach und vor allem eine sehr spannende Aufgabe.

Wir bearbeiten, analysieren und dokumentieren gerade häufig gestellte Fragen der vergangenen Jahre.

Zum Beispiel ist eines unser aktuellen Themen „freiheitsentziehende Maßnahmen“. In einer Pandemie ein oft aktuelles Thema, wenn Maßnahmen mit großem gesellschaftlichem Impact auf einem politischen Niveau beschlossen werden: Distanz, soziale Kontaktminderung, Bewegungseinschränkungen ... Was versteht man konkret unter freiheitsentziehenden Maßnahmen? Wann sind Maßnahmen angebracht, die den Menschen in seiner Freiheit einschränken? Unter welchen Bedingungen dürfen solche Maßnahmen bzw. Entscheidungen getroffen werden? Und vor allem wessen Freiheiten werden eingeschränkt, mit welchen Motiven? Fragen wir uns eigentlich, für wessen Wohl wir handeln (Bevormundung oder Selbstschutz)?

Ganz konkret möchten wir zu diesem Thema Material ausarbeiten, das sowohl für den einzelnen Menschen mit Demenz als auch für sein Umfeld (Familie, Betreuer, Pfleger usw.) hilfreich sein soll.

Die Mitglieder des Komitees sind Professionelle, sowohl Mitarbeiter der ala als auch externe Kollegen, die im Gesundheitswesen aktiv sind oder waren (Jurist, Arzt, Psychologe, Krankenschwester, Krankenpfleger, Sozialpädagoge, Erzieher, Hilfspfleger usw.).

Wir ergänzen uns dabei sehr gut. Wir würden uns freuen, wenn wir auch betroffene Personen mit Demenz oder Familienangehörige oder Bekannte als Mitglieder im Komitee begrüßen könnten. Dies würde unsere Überlegungen gut vervollständigen.

Bei Fragen oder Interesse wenden Sie sich gerne an uns.

ethik@alzheimer.lu

Carol Streff für das Ethikkomitee

D'Fuesboke si lass!

Elo ass et schonn dat zweet Joer, dass eisen traditionelle Fuesbal net am Centre Atert zu Bartreng konnt stattfannen. Am Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng an an de 6 Foyere vun der ala konnt eis Bewunner an Dagesgäschter awer vun enger gudder Stëmmung profitéieren. Faarweg Dekoratiounen, hausgemaache Fueskichelcher, flott Kostümer a maskéiert Fuesboke waren natierlech um Rendez-vous. Eis Mataarbechter ware méi wéi kreativ a mir soen hinnen e grouse Merci.



Nei Dermatologin zu Ierpeldeng

Säit Januar 2022 schafft d'Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng un der Sauer mat enger neier externer Spezialistin fir Dermatologie. D'Dr. Lynn Heinrichy kënnt op Ufro fir Consultatiounen bei d'Bewunner op Ierpeldeng.

Vu lénks no riets op der Foto: d'Mme Michèle Halsdorf, Direktiounsbeoptraagt vum Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“, d'Mme Dr. Lynn Heinrichy, Dermatologin an d'Mme Nina Schmitz, Verantwortlech Departement Fleeg.



E grouse Merci Cactus Charity

Mir soen de Cactus-Clienten e grouse Merci fir hiren Don, deem si an der Keess vum Cactus fir d'ala gemaach hunn. E grouse Merci geet och un de Cactus, fir seng laangjäreg Ënnerstëtzung a säi Programm Cactus Charity, duerch deem dëst Joer 375 € fir d'ala zesummekomm sinn.

Dir wëllt och en Don fir d'ala mat Ärer Cactus-Kaart maachen? Dat geet ganz einfach. Dir braucht nëmmen an der Keess de Montant a Punkten unzeginn (min. 500 Punkten = 5 €), deem Dir wëllt spenden. Dëse gëtt da vun Ärer Cactus-Kaart ofgebucht.



D'ala seet Merci ...

Banque Raiffeisen

Am Kader vun der traditioneller Remise de dons, hunn d'Banque Raiffeisen an hir Membere verschiddenen Associatiounen, dorënner och der Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer, en Don an Héicht vu 5.000 € iwwerreecht. Den Här Mancini, Member vum Directoire vun der ala, an den Här Schmetz, Responsabel vum Finanzservice, hunn de Scheck vun der Mme Alonso entgéintgehol. Mir soen e ganz grouse Merci fir dee generéisen Don.



Gemeng Géisdref

Den 11. Januar hat d'Kulturkommissioun aus der Gemeng Géisdref an de Festsall vun der Gemeng invitéiert, fir der ala e Scheck fir de Foyer „Gënzegold“ vun Dol ze iwwerreechen. Dëse war d'Resultat vun der Glühwäinspendenaktioun während där sech d'Leit ganz spendabel gewisen hunn. D'Mme Cindy Hansen, Responsabel vum Foyer Dol, an den Här Denis Mancini, Member vum Directoire vun der ala, hunn de Scheck entgéintgehol. Mir soen e ganz grouse Merci!



Sie möchten die ala auch unterstützen?

Als Privatperson, Verein, Service-Club oder als andere Vereinigung können Sie unsere Arbeit unterstützen, indem Sie z. B. den Erlös von Wohltätigkeitsbasaren, Theateraufführungen oder sonstigen Feiern an die „Association Luxembourg Alzheimer“ spenden.

Konten der Alzheimer-Vereinigung:

CCPL: LU17 1111 0004 6577 0000
BCEE: LU50 0019 1000 4179 5000
BGLL: LU91 0030 1129 3258 0000
CCRA: LU03 0090 0000 0640 0493

Die Spenden an die ala sind nicht steuerlich absetzbar.

Vous aussi, vous souhaitez soutenir l'ala ?

En tant que particulier, association, club de services ou autre organisation, vous pouvez nous soutenir en reversant, par exemple, les recettes de ventes de bienfaisance, de représentations théâtrales ou d'autres manifestations à l'Association Luxembourg Alzheimer.

Les comptes de l'Association Alzheimer :

CCPL : LU17 1111 0004 6577 0000
BCEE : LU50 0019 1000 4179 5000
BGLL : LU91 0030 1129 3258 0000
CCRA : LU03 0090 0000 0640 0493

Les dons à l'ala ne sont pas déductibles fiscalement.

MITGLIED WERDEN

Beitrittsformular

- ☐ Ich möchte Mitglied der ala werden und überweise meinen Jahresbeitrag in Höhe von 20,00 € auf ein Konto der ala.

Name: _____

Vorname: _____

Straße: _____

PLZ/Ort: _____

Tel.: _____

DEVENIR MEMBRE

Formulaire d'adhésion

- ☐ Je souhaite devenir membre de l'ala et je verse ma cotisation annuelle de 20,00 € sur un des comptes de l'ala.

Nom : _____

Prénom : _____

Rue : _____

Code postal/Localité : _____

Tél. : _____



Zurücksenden an // À renvoyer à:

Association Luxembourg Alzheimer asbl
B.P. 5021
L-1050 Luxembourg

Konten der ala // Les comptes de l'ala:

CCPL: LU17 1111 0004 6577 0000
BCEE: LU50 0019 1000 4179 5000
BGLL: LU91 0030 1129 3258 0000
CCRA: LU03 0090 0000 0640 0493

Amour, sexualité et démenz

(par Christine Dahm-Mathonet, chargée de direction de l'Info-Zenter Demenz)

L'intimité et la proximité sont importantes pour une vie épanouie. En vieillissant, ce besoin ne disparaît pas. Rappelons-nous quelques bases éthiques : l'être humain est un tout et ne peut jamais cesser de l'être, l'intimité doit être respectée à tout âge et les personnes âgées ont (droit à) une sexualité.

La sexualité est un besoin humain fondamental. S'il ne peut pas être satisfait, la qualité de vie se perd. Il ne s'agit pas seulement d'actes sexuels comme les relations sexuelles, mais aussi d'amour, d'affection, de tendresse et de confiance. Ainsi, le désir de sexualité, de sensualité et d'intimité persiste jusqu'à un âge avancé. Les personnes atteintes de démenz peuvent, elles aussi, trouver dans l'expression de leurs besoins sexuels un sentiment de proximité, de sécurité et d'acceptation.

Besoin de contact et de toucher

Les besoins affectifs et sexuels des personnes atteintes de démenz peuvent évoluer de manière très différente. Mais de façon générale, les contacts physiques sont particulièrement importants pour elles, car la capacité à ressentir des sensations physiques est une ressource qui reste généralement très longtemps intacte malgré la dégradation mentale. Elle permet aux personnes avec des troubles neurocognitifs de se sentir entourées, protégées, aimées.

Alors soyons bienveillants par rapport à des comportements qui peuvent parfois nous surprendre ou nous paraître inappropriés comme, par exemple, lorsque les personnes concernées expriment très directement leurs désirs sexuels. Dans toutes ces situations, il est important que nous

respectons leur droit à la sexualité et essayions de trouver des solutions qui rassurent toutes les personnes concernées.

Une question d'attitude

Même si cela peut paraître difficile, les proches et le personnel soignant doivent veiller à ne pas faire de la sexualité des personnes atteintes de démenz un tabou, mais à adopter une attitude bienveillante. Comme toutes les personnes, les personnes atteintes de démenz ont besoin d'affection, de proximité, de tendresse et de contact. Car même si elles perdent de nombreuses capacités et que leur personnalité se modifie, elles restent des femmes et des hommes aux identités différentes, avec des parcours de vie et des expériences sexuelles propres.

Vous avez des questions ?

Adressez-vous à l'Info-Zenter Demenz.

L'Info-Zenter Demenz est le service d'information national pour toutes questions en lien avec les maladies démentielles. Les consultations peuvent avoir lieu dans les locaux de l'Info-Zenter Demenz au 14a rue des Bains à L-1212 Luxembourg, par téléphone, par mail ou lors des permanences mensuelles à Esch/Alzette et Differdange. Ces consultations ainsi que toute documentation sont gratuites.

Contactez l'équipe de l'Info-Zenter Demenz

Tél. : 26 47 00

E-Mail : mail@i-zd.lu

Web : www.demenz.lu

facebook : Info-Zenter Demenz

Soirée ciné-débat

« Amour, sexualité et démence » le 5 mai 2022

L'Info-Zenter Demenz organise, le jeudi 5 mai 2022, une soirée ciné-débat sur le thème « Amour, sexualité et démence » avec la projection du film « Les plus belles années d'une vie » (2019, avec Jean-Louis Trintignant et Anouk Aimée), suivie d'une table ronde. D'autres aspects de cette thématique, qui auraient dépassé le cadre de cet article (comme, par exemple, la situation de couples dont une personne réside dans une maison de soins, les changements de personnalité et de comportements causés par une démence, le droit à la liberté et à la vie privée et la santé affective de personnes atteintes de démence), y seront abordés.

Cette soirée aura lieu le jeudi 5 mai à partir de 19h00 au cinéma Utopia, dans le cadre de la semaine « Santé affective et sexuelle » organisée par CESAS.

Inscription gratuite, mais obligatoire jusqu'au 28 avril chez Ciné Utopia par téléphone au 22 46 11 ou via le lien suivant :



<https://kinopolis.lu/en/films/cine-debat-les-plus-belles-annees-dune-vie>

Amour, sexualité et démence Soirée cine-débat



Projection du film *Les plus belles années d'une vie*

Film en français (VO), sous-titres en anglais

Mot de bienvenue par Mme **Corinne CAHEN**, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Suivi d'une **table-ronde** avec **Martine Laloux** (Sexologue clinicienne, psychothérapeute) et **Michèle Halsdorf** (Chargée de direction maison de séjour et de soins « Beim Goldknapp », Association Luxembourg Alzheimer)

Jeudi 5 mai 2022 | 19h – 21h30

Ciné Utopia
16, avenue de la Faïencerie
L-1510 Luxembourg

Gratuit avec inscription chez Ciné Utopia:
<https://kinopolis.lu/en/films/cine-debat-les-plus-belles-annees-dune-vie>
ou par tél.: +352 22 46 11

Avec le soutien de:



www.demenz.lu



CONFUSION
ÉMOTIONS
DÉMENCE



L'Info-Zenter Demenz
est là pour vous.

Info-Zenter
Demenz

www.demenz.lu Tél. 26 47 00



Alzheimer Europe a publié deux nouveaux rapports : l'un sur le sexe, le genre et la sexualité dans le contexte de la démence et l'autre sur les initiatives et communautés inclusives en matière de démence

Alzheimer Europe a publié un nouveau rapport sur le sexe, le genre et la sexualité dans le contexte de la démence, destiné aux professionnels de la santé et de l'action sociale, aux étudiants et aux décideurs politiques. Le rapport a été rédigé en 2021 par un groupe de travail composé d'experts dans les domaines de la démence, des études de genre, du vieillissement, de l'éthique, de la psychologie, de la prestation de services et de la formation des professionnels de la santé. Ces experts sont des personnes atteintes ou non de démence et ayant des identités de genre et des orientations sexuelles différentes. Ce travail s'inscrit dans le cadre de la réflexion éthique permanente d'Alzheimer Europe sur les questions ayant un impact sur la vie et le bien-être des personnes atteintes de démence, au regard de ce qui est éthique.

Quelques points clés concernant le rapport et ses conclusions :

- Ce rapport vise à promouvoir le droit de toute personne atteinte de démence, indépendamment de son sexe, de son identité de genre et de son orientation sexuelle, à être traitée avec respect et à avoir accès à un diagnostic et à un traitement en temps utile ainsi qu'à des soins et à un soutien de qualité.
- Il se concentre sur la recherche et l'obtention d'un diagnostic sur la manière de « vivre » son sexe, son genre et sa sexualité avec la démence, sur l'accès et l'utilisation des services professionnels et du soutien.
- Il met en évidence et conteste les influences et structures sociétales existantes.
- L'accent est mis sur la reconnaissance et la remise en question des préjugés, de la discrimination et de l'injustice, non seulement à l'égard des groupes minoritaires marginalisés (tels que les personnes LGBT+, les personnes issues de groupes ethniques minoritaires, etc.)

Alzheimer Europe a également publié son annuaire *Dementia in Europe 2021*, qui examine le sujet des communautés et des initiatives d'inclusion des personnes atteintes de démence. Les informations nécessaires à cette publication ont été recueillies auprès de ses associations membres nationales, qui ont été interrogées sur le travail et les activités en cours dans leur pays. Au total, 27 membres ont participé à l'enquête, dans 24 pays.

Les conclusions de ce rapport montrent qu'un travail considérable est entrepris dans toute l'Europe, conformément aux développements politiques

dans ce domaine. Toutefois, les progrès accomplis présentent encore des lacunes. L'annuaire formule donc les recommandations suivantes :

- Les personnes atteintes de démence et leurs aidants devraient être associés à l'élaboration, à la mise en œuvre et au suivi des initiatives et des sociétés d'inclusion des démences.
- Les gouvernements nationaux, régionaux et locaux doivent fournir un financement durable et continu aux projets et initiatives visant à créer des sociétés inclusives dans la démence.
- Les gouvernements nationaux, régionaux et locaux devraient utiliser les résultats des travaux existants pour élaborer et mettre en œuvre leurs propres sociétés et initiatives d'intégration de la démence, y compris celles de l'OMS, de la deuxième action conjointe sur la démence et du Conseil mondial de la démence.
- Un suivi et une évaluation structurés et continus des sociétés inclusives dans la démence devraient être entrepris, en particulier pour les villes et les municipalités qui se décrivent comme inclusives dans la démence, etc. en utilisant un cadre d'évaluation universel ou au moins européen.
- La Commission européenne devrait, dans le cadre de ses travaux au titre des programmes EU4Health et Égalité des chances, consacrer des fonds à des projets qui renforcent l'autonomie des personnes atteintes de démence et de leurs aidants, y compris à des sociétés et initiatives d'intégration de la démence.

Les deux publications sont disponibles sur le site Internet d'Alzheimer Europe (en anglais) : <https://www.alzheimer-europe.org/resources/publications>



Spenden an die Alzheimer-Stiftung

Mit Ihrer Spende an die Alzheimer-Stiftung können Sie die Projekte der ala unterstützen.

Die Alzheimer-Stiftung ist eine gemeinnützige Vereinigung und kann steuerlich absetzbare Spenden entgegennehmen. Die Spenden werden für globale Projekte der ala genutzt.

Konten der Alzheimer-Stiftung:

BCEE: LU06 0019 1000 6828 3000

BILL: LU11 0029 1565 1646 9200

BGLL: LU49 0030 1128 5679 0000

Dons au profit de la Fondation Alzheimer

Grâce à vos dons au nom de la Fondation Alzheimer, vous soutenez les projets de l'ala.

La Fondation Alzheimer est reconnue d'utilité publique et peut recevoir des dons qui sont déductibles sur la déclaration d'impôts. Les dons sont utilisés pour des projets globaux de l'ala.

Les comptes de la Fondation Alzheimer :

BCEE : LU06 0019 1000 6828 3000

BILL : LU11 0029 1565 1646 9200

BGLL : LU49 0030 1128 5679 0000

Mir drécken de Famillje vun de Verstuerwenen
eist déifst Matgefill aus a soen e grouse Merci
fir hir Ënnerstëtzung.



Madame Lea Simon-Reis
Madame Georgette Koenig
Madame Juliette Benz
Madame Thérèse Wies
Madame Dany Lanter-Siebenbour
Monsieur Augusto Alves Alexandrino
Madame Sophie Gils-Bertemes
Madame Catherine Muller
Madame Andrée Kremer-Schmit
Monsieur Daniel Gross
Madame Amélie-Delphine Bofferding-Lickes
Monsieur Ornelio Cancellieri
Madame Nelly Gerardy-Gilbertz
Madame Jeanny Clesen-Forman

Monsieur Léon Reding
Madame Anne Schneider
Madame Margot Daubenfeld-Strotz
Monsieur Giuseppe Sita
Monsieur Josy Koppes
Madame Sylvie Molitor
Madame Rosalie Hoffmann-Reding
Monsieur Jean Lentz
Madame Almerinda Peixoto de Castro
Madame Marianne Bram-Peters
Madame Liette Schneider-Stoltz
Monsieur Raymond Rennel
Monsieur Giorgio Piaia

AGENDA

Cours fir betrafte Familljen



Wann e Mënsch un Alzheimer oder enger anerer Form vun Demenz erkrankt, bréngt dat eng ganz Rei vu klengen a grousser Verännerunge fir d'ganz Famill an d'soziaalt Ëmfeld mat sech.

D'Betreiung vun engem Familljemember oder enger Persoun aus dem Bekantekrees mat Alzheimer/ Demenz stellt eng grouss kierperlech an emotional Erausforderung duer.

Den Inhalt vum Cours

- Informatioun iwwer d'Demenz
- Austausch mat anere betraffene Familljememberen
- Kommunikatioun mat der betraffener Persoun
- Ëmgang mat der Verhalensweise vum Mënsch mat Demenz
- Informatioun iwwer d'Ënnerstëtzungsméiglechkeeten
- Praxistipps fir den Alldag

D'Ziler vum Cours

- Familljememberen entlaaschten
- Versteesdemech fir de Betraffenen entwéckelen

De Cours ass gratis
an adresséiert sech u
Privatpersounen.
Informatiounen zu den
Datum an de
Raimlechkeete vum Cours
fannt Dir op
www.ala.lu

Umeldung per Telefon um 26 007-1
oder per E-Mail: info@alzheimer.lu

Mat frëndlecher Ënnerstëtzung vum



Trauerronn

Dir trauert ëm e Mënsch mat Demenz?

An dëser Trauerronn hutt Dir d'Méiglechkeet iwwer Är Trauer ze schwätzen an Iech mat Leit an enger änlecher Liewenssituatioun auszetauschen.

Et ass en Uert fir nozelauschten an nogelauschtert ze kréien. Mir uechte géigesäiteg op Diskretioun.

Den oppene Gedanken- an Erfahrungsaustausch an dëser Ronn versicht Betraffener an hirer Trauer ze ënnerstëtzen an Impulser fir den Ëmgang mat der neier Situatioun ze ginn.

D'Trauerronn bitt sech un, wann Dir mat Ärer Trauer net eleng wëllt bleiwen.

Uert:

Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“
8, Gruefwee | L-9147 Ierpeldeng-Sauer

D'Datumer fannt Dir op www.alzheimer.lu

D'Participatioun un der Trauerronn ass gratis.

Wann Dir Froen hutt oder wëllt un der Trauerronn deelhuefen, da méllt Iech gären ënnert der Nummer 26 007-1.

Familljekrees

Gesprächsgruppen für Angehörige und Bezugspersonen von Menschen mit Demenz

Gruppentreffen

im ca. 4-Wochen-Rhythmus

**Jeden 2. Dienstag im Monat
von 15.30 bis 17.00 Uhr***

In den Räumlichkeiten des
Wohn- und Pflegeheimes „Beim Goldknapp“
8, Gruefwee | L-9147 Erpeldingen an der Sauer

Sie erfahren Entlastung unter anderem durch

- den Austausch mit Menschen in einer ähnlichen Situation,
- neue Wege im Umgang mit den Betroffenen,
- neue Möglichkeiten der Bewältigung,
- Geselligkeit und Freude.

Die Gruppen werden durch den psychologischen Dienst der ala begleitet. Inhaltlich stellen wir uns auf die Themen ein, die von den Familien gewünscht und eingebracht werden.

Die Teilnahme an der Gruppe ist kostenfrei.

* Aufgrund der Corona-Pandemie können die Tage und Uhrzeiten abweichen.

Falls Sie Fragen haben oder an einer Teilnahme interessiert sind, melden Sie sich gerne unter der Nummer: 26 007-452.



Mit freundlicher Unterstützung des



Helpline ala 26 432 432

Oft fällt es Betroffenen und Angehörigen nicht leicht, Beratung und Unterstützung in Anspruch zu nehmen. Leicht zugängliche Angebote, die spontan und von jedermann genutzt werden können, helfen diese Barriere zu überwinden. Mit dem Alzheimer-Notfalltelefon ist die ala Ansprechpartner für alle Situationen, in denen kompetente Soforthilfe benötigt wird.

Unser Notfalltelefon ist täglich rund um die Uhr erreichbar. Unsere Fachkräfte geben in Notfallsituationen kompetente, praktische Ratschläge, informieren über Anlaufstellen und bieten emotionale und psychologische Entlastung. Unsere Beratungsleistung geschieht in Zusammenarbeit mit der Pflegeversicherung, um eine Kostenübernahme praktischer Maßnahmen zu ermöglichen.

Mit freundlicher Unterstützung des



Unterstützte Selbsthilfegruppe für Menschen mit beginnender Demenz

- Sie haben die Diagnose „Demenz“ erhalten?
- Sie fühlen sich überfordert und alleingelassen?
- Sie suchen den Austausch mit Gleichbetroffenen in einem geschützten Rahmen?
- Sie suchen fachliche Unterstützung und Begleitung?
- Sie möchten Ihre Selbstständigkeit erhalten?

Die Gesprächsthemen der Gruppe werden von den Teilnehmern festgelegt und richten sich nach ihren persönlichen Anliegen und Bedürfnissen. Im Vorfeld an das Gruppennangebot führen wir gerne auch persönliche Gespräche zum gegenseitigen Kennenlernen.

Wann und wo:

Jeden 1. Donnerstag im Monat
von 8.30 bis 10.00 Uhr *

In den Räumlichkeiten der ala:

45, Rue Nicolas Hein | L-1721 Luxemburg

Die Teilnahme an der Gruppe ist kostenfrei.

Falls Sie Fragen haben oder an einer Teilnahme interessiert sind, melden Sie sich gerne unter der Nummer: 26 007-1.

Mit freundlicher Unterstützung des



* Aufgrund der Corona-Pandemie können die Tage und Uhrzeiten abweichen.

ala plus ist unser häuslicher Hilfs- und Pflegedienst, der sich ausschließlich an demenzkranke Menschen sowie ihre Angehörigen richtet. Er ermöglicht eine tägliche Betreuung und Beratung dank eines kompetenten und multiprofessionellen Teams.



Leistungen unseres häuslichen Pflegedienstes ala plus

- Leistungen im Rahmen der Pflegeversicherung
- Pflege, Betreuung und Begleitung im Rahmen der Gesundheitskasse (CNS)
- Hilfestellungen im hauswirtschaftlichen Bereich
- Unterstützung pflegender Angehöriger
- Interventionen und Maßnahmen, die die Autonomie fördern
- Präventionsmaßnahmen, die die Lebensqualität verbessern

Vorteile von ala plus

- Demenzspezifische Hilfe und Pflege
- Flexible und individuelle Betreuung
- Qualifiziertes Personal
- Hohe Pflegestandards
- Breites Leistungsangebot

Zweigstellen von ala plus

- Bonneweg
- Beles
- Erpeldingen an der Sauer
- Bad Mondorf

ala plus, der häusliche Hilfs- und Pflegedienst der ala, ist 7 Tage die Woche von 6.00 Uhr bis 22.00 Uhr im Einsatz. Anfragen können per Telefon unter folgender Nummer erfolgen: 26 007-1.

D'ala recrutéiert ...

Iech interesséiert de Beräich Demenz an Dir wëllt Iech doranner weiderentwéckelen?

Dir hutt Erausfuerderunge gären a sicht en ofwiesslungsräichen Alldag?

Dir sidd kreativ, innovativ a wëllt eppes bewierken?

Aktuell siche mir fir eis verschidde Beräicher:

Am Hëllef- a Fleegegedéngscht doheem:

- Infirmier (m/w)
- Aide-soignant (m/w)
- Aide socio-familial fir Garden (m/w)
- Aide ménagère (m/w)

An de Foyeren:

- Aide socio-familial (m/w)
- Auxiliaire de vie (m/w)

Am Wunn- a Fleegeheem zu Ierpeldeng:

- Infirmier (m/w)
- Educateur (m/w)
- Aide socio-familial (m/w)
- Aide-soignant (m/w)
- Aide ménagère cuisine (m/w)

Fir déi iwwergräifend Beräicher:

- Psycholog Freelance (m/w)
- Ergotherapeut (m/w)

Méi Infoo fannt Dir op eisem Site:
www.ala.lu



DIENSTLEISTUNGEN DER ALA

- Sozial- und Koordinationsdienst
- Psychologischer Dienst
- Therapeutischer Dienst
- Ethikkomitee
- Beratungsdienst zur Wohnraumanpassung
- Fortbildung für professionell Tätige und Angehörige
- Helpline (24/24): 26 432 432
- Selbsthilfegruppen

STRUKTUREN DER ALA



FOYER ESPÉRANCE

51, Rue Zénon Bernard
L-4031 Esch/Alzette

Tel. 26 007-380



FOYER DOMINIQUE MARTH

45, Rue Nicolas Hein
L-1721 Dommeldingen

Tel. 26 007-340



FOYER MINETTSHEEM

6, Rue de la Fontaine
L-3726 Rümelingen

Tel. 26 007-400



FOYER GËNZEKOLD

1, Daehlerbaach
L-9644 Dahl

Tel. 26 007-320



FOYER VILLA REEBOU

104, Rue de l'Hôpital
L-3488 Düdelingen

Tel. 26 007-360



FOYER BONNEVOIE

145, Route de Thionville
L-2611 Luxemburg

Tel. 26 007-300



WOHN- UND PFLEGEHEIM „BEIM GOLDKNAPP“

8, Gruefwee
L-9147 Erpeldingen/Sauer

Tel. 26 007-500



ala plus Häuslicher Hilfs- und Pflegedienst

145, Route de Thionville
L-2611 Luxemburg

Tel. 26 007-1

helpline 26 432 432

www.alzheimer.lu | info@alzheimer.lu